## Wéi gi Wëllstaude geplanzt?

Fir dass déi wäertvoll Staude gutt ukommen an an d'Bléi kommen, si puer Punkten ze beuechten. De Buedem, an deen d'Staude gesat ginn, soll onkrautfräi a moer sinn. Bei der Auswiel vun de Staude sollten d'Buedem- an d'Liichtkonditioune vum Standuert berücksichtegt ginn. Idealerweis gëtt am Hierscht, alternativ awer och am Fréijoer bis Mëtt Mee geplanzt. Eenzel Staude kënnen an e besteeënd Beet integréiert oder an e Bac mat jeeweils 1/3 Äerd, Kompost a Sand gesat ginn.

## Uleeë vun engem Staudebeet



Fir e villfältegt a strukturéiert Beet ze schafen, ass et wichteg, Staude mat verschiddene Wuesshéichten, Bléifaarwen a Bléizäiten ze kombinéieren. Esou kënnt Dir virgoen:

1. Buedem 10-20 cm déif lockeren
2. Eventuell zirka 2 cm Kompost uewerflächlech aschaffen
3. Staude placéieren
4. Ofstand vun de Staude préiwen (ca. 20-40 cm)
5. Planzlach aushiewen
6. Staude liicht méi déif wéi de Buedem setzen a mat e bësse Buedem bedecken
7. Gutt nätzen

Méi Detailer fannt Dir op wellplanzen.lu.

## Fleeg vun engem Staudebeet

Wärend d'Stauden nach wuessen, sollt reegelméisseg genat ginn. Verblitt Planze sollten eréischt am Fréijoer drop zeréckgeschnidde ginn, sou dass Insekten a Vullen am Wanter Fudder a Schutz fannen. Mat dëse puer einfache Schrëtt entsteet e liewegt, naturnot Beet, dat iwwer Joren ewech Freed mécht.



## Zousätzlech Informatiounen

Kommt laanscht op eis Internetsäit:

**wellplanzen.lu**

### Leedung vum Projet


**Naturschutzsyndikat SICONA**
12, rue de Capellen
L-8393 Olm
Tel.: (+352) 26 30 36 25
info@sicona.lu | sicona.lu


### Partner


**Rieger-Hofmann GmbH**
In den Wildblumen 7-13
D-74572 Blaufelden-Raboldshausen
Tel: (+49) 7952 92 18 89-0
info@rieger-hofmann.de
rieger-hofmann.de

**Musée national d'histoire naturelle**
25, rue Münster
L-2160 Luxembourg
Tel.: (+352) 46 22 33-1
mnhn.lu


### Finanzéierung


**Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit**
4, place de l'Europe
L-2918 Luxembourg
emwelt.lu

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité


### An Zesummenaarbecht mat ville weidere Partner:

wellplanzen.lu/projektpartner

Layout & Fotoen: SICONA, 2026.

# Wëllplanzesom® Lëtzebuerg Stauden

# Wëllstaude fir Lëtzebuerg

aus zertifizéiertem regionalem Ubau



## Staudebeeter an naturno Gäert

Déi grouss Villfalt u gebittseegene Wëllstaude begeeschtert net just eis Mënschen, mee och eis sëlleg Insekten an aner Déieren. Wëllt och Dir an Ärem Gaart dat liewegt Dreiwe vun Insekten a Vulle souwéi déi faarwefrou Bléiepracht vu wëlle Planze genéissen? Oder plangt Dir op betriblechen oder kommunale Flächen naturno Liewensräim fir d'Aartevillfalt ze schafen? Da sollten d'Wëllstaude vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* onbedéngt eng Plaz an dëse Beeter fannen.

## Wéisou Wëllplanzen?

Wëllplanze gesinn net just schéin aus, si bidde ville Bestëbser och liewenswichteg Fudderquelle wéi Nektar a Pollen. Weiderhi stelle si villen Insekten, Vullen an aneren Déieren e Liewensraum zur Verfügung a fërderen domat och d'Aartevillfalt. Den Asaz vun net eenheemesche Planze biergt dogéint allerdéngs Risiken, wéi d'Verfälschung vun eiser heemescher Flora.

Nieft dem ökologesche Wäert sinn d'Wëllstauden och besonnesch gutt fir Beeter gëeegent, well si robust sinn an ideal un déi lokal Bedéngungen ugepasst sinn. Fir all Standuert – ob an der Sonn oder am Schiet, dréchen oder fiicht – ginn et passend Stauden, déi eis Balconen, Gäert a Gréngfläche beräicheren. Och bléie si vill Jore laang, well si méijäreg a wanterhaart sinn.



## Nohalteg Produktioun vu Wëllstauden

Dee fir d'Opzuucht benotzte Som gëtt vu Biologen no de Virgabe vum Reegelwierk *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* an de verschiddenen Naturräim zu Lëtzebuerg gesammelt. Zertifizéiert Gäertnereien zéien doraus Jongplanzen un, déi mat gudder Fleeg zu Stauden eruwuessen. Dobäi kommen am Sënn vun der Nohaltegkeet ausschliisslech am ökologeschen Ubau zougeloosse Planzeschutz- an Düngemëttel zum Asaz. D'Substrat vun de Stauden ass zum Schutz vun de Moueren torfreduzéiert.

## Zertifizéierung fir eng Qualitéitssécherung

Ënner dem Zertifikat ***Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Stauden** gi Wëllstaude mat gebittseegener Hierkonftsqualitéit no ökologesche Krittäre produzéiert a verkaf. Dës Qualitéit gëtt duerch eng reegelméisseg Kontroll séchergestallt. Heibäi gëtt gepréift, ob d'Krittären an d'Qualitéitsstandarden zur Regionalitéit an zur nohalteger Produktioun vun de Stauden agehale ginn.

Dir erkennt *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-zertifizéiert Stauden um Qualitéitssigel:

Zertifiziert nach Wëllplanzesom Lëtzebuerg-Stauden
Wëllplanzesom Lëtzebuerg
Stauden
Betriebs-Nr. 25 4 001 – Kontrollstelle LUXBIOCERT














## Wou kann ee LUX-Staude kafen?

Bei follgende Partner kënne LUX-Staude kaaft ginn:



**Lëlljer Gaart**
*30, Duarrefstrooss*
*L-9762 Lullange*
*info@lellje-gaart.lu*
*www.lellje-gaart.lu*

**CNDS-Services S.à.r.l.**
*14, in den Allern*
*L-9911 Troisvierges*
*+352 26 95 74 21*
*equipegaart@cnds.lu*
*services.entraide@cnds.lu*
*www.cnds.lu*

**ATP Hondsburren**
*21A, Rue du Dix Septembre*
*L-9560 Wiltz*
*atelier.hondsburren@atp.lu*
*www.atp.lu*

**Lycée Technique Agricole**
*Verkaf op Ufro*
*1, Kréiwénkel*
*L-9374 Gilsdorf*
*+352 81 85 25-1*
*wellstauden@lta.lu*
*www.lta.lu*

**Op der Schock**
*34A, Rue de Reichlange*
*L-8508 Redange-sur-Attert*
*+352 26 62 18 81*
*info@ods.lu*
*www.ods.lu*

**Phytopia**
*Verkaf op Ufro*
*67, Ceinture um Schlass*
*L-5880 Hesperange*
*+352 661 800 295*
*info@phytopia.lu*

**Den Escher Geméisguart**
*Verkaf op Ufro*
*50, Dieswee*
*L-4080 Esch-sur-Alzette*
*+352 621 307 291*
*gemeisguart@ciglesch.lu*
*www.ciglesch.lu*

Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.

### LUX-Mëschung fir d'Uleeë vu Blummewisen oder Bléisträifen

Nieft de LUX-Staude produzéiert *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* och Geseems vun heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau.

Op wellplanzen.lu fannt Dir d'Detailer zu de Mëschungen an zu de Verkafsplazen.